



- **Erhéijung Waassertaxen**

An de leschten zéng Joer hu mir an der Gemeng grouss Efforte gemaach, fir eis Waasserversuergung an d'Ofwaassersystem un déi haiteg Ufuerderungen unzepassen an iech eng sécher a qualitativ héichwäerteg Versuergung mat propperem Waasser ze garantéieren. Souwuel beim Dréinkwaasser wéi och beim Ofwaasserreseau si substanziiell Investissementer gemaach ginn. Dëst ëmfaasst ë. a. den neie Waasserbehälter um Ditzebierg an d'järelech Ënnerhaltsaarbechten un iwwer 12 km Leitungsnetz. D'Kläranlag zu lener gouf fäerdeg gestallt an de Kollekteur op déi regional Kläranlag zu Béiwen ass installéiert ginn. Bei ville Stroossenbauprojeten goufen d'Waasser- an d'Ofwaasserleitungen nei verluecht an eng nei Zubringerleitung fir d'Dréinkwaasserversuergung vum Uert Saeul gouf gebaut. Mir kafen eist Dréinkwaasser beim Dréinkwaassersyndikat DEA. Well och do d'Käschten an d'Luucht gaange sinn, hu mir dëst Joer eise Waasserpräis missen upassen, fir der nationaler Waassergesetzgebung ze entsprechen, déi ee kostendeckende Präis verlaangt. Zënter 2016 gouf de Waasserpräis net méi ugepasst.

Ab Januar 2026 gëllen dofir déi nei Tariffer beim Dréink- an Ofwaasser. Dir fannt hei en Iwwerbléck iwwer déi Upassungen :

Domaine / Secteur	Eau potable		Eau usée	
	Taxe variable €/m <sup>3</sup> hTVA	Taxe fixe €/mm/an hTVA	Taxe variable €/m <sup>3</sup>	Taxe fixe €/Ehm/an
<b>Ménages</b>	<b>2,45 -&gt; 4,70</b>	<b>10,80 -&gt; 12,00</b>	<b>3,00 -&gt; 4,00</b>	<b>41,00 -&gt; 50,00</b>
<b>Industrie</b>	<b>1,00 -&gt; 1,75</b>	<b>26 -&gt; 42,00</b>	<b>1,10 -&gt; 1,40</b>	<b>145,00 -&gt; 245,00</b>
<b>Agriculture</b>	<b>1,25 -&gt; 2,05</b>	<b>23,50 -&gt; 39,00</b>	<b>1,50 -&gt; 1,65</b>	<b>125,00 -&gt; 230,00</b>
<b>HORECA</b>	<b>1,53 -&gt; 2,90</b>	<b>27,00 -&gt; 31,00</b>	<b>1,875 -&gt; 2,35</b>	<b>102,6 -&gt; 175,00</b>

\* mm = diamètre du raccordement d'eau ; eau potable +3% TVA ; Ehm = équivalent habitant moyen ;

- **Erhéijung Hondstaxe**

An de leschte Joren hunn sech d'Käschte fir den Entretien an d'Botze vun den öffentleche Plazen an de Gréngflächen am Zesammenhang mat den Exkrementer vun den Hënn gesteigert. Zousätzlech huet d'Gemeng reegelméisseg Depensen duerch de Kaf an d'Versuergung vun de Spendere mat Hondstuten, déi fir d'Entsuergung vun den Exkrementer vun den Hënn zur Verfügung gestallt ginn. An der Gemengerotssitzung vum 8. September 2025 gouf entscheet, déi järelech Hondssteier vun **15 € op 40 €** ab dem Joer 2026 unzepassen. Dës Upassung dréit dozou bäi, den Entretien vun den öffentleche Raimlechkeeten an den Ënnerhalt vun den néidegen Infrastrukture weiderhin ze garantéieren.



- **Augmentation taxes eaux**

Au cours des dix dernières années, la commune a réalisé d'importants efforts afin d'adapter notre approvisionnement en eau potable et notre système d'assainissement aux exigences actuelles, garantissant ainsi une alimentation fiable et de haute qualité en eau propre. Des investissements conséquents ont été effectués tant dans le réseau d'eau potable que dans celui des eaux usées. Cela inclut notamment le nouveau réservoir d'eau sur le Ditzebierg ainsi que l'entretien annuel de plus de 12 km de conduites. La station d'épuration d'Ehner a été achevée et le collecteur vers la station d'épuration régionale de Boevange a été installé. Dans le cadre de nombreux travaux routiers, les conduites d'eau potable et d'assainissement ont été renouvelées, et une nouvelle conduite d'adduction pour l'approvisionnement en eau potable du village de Saeul a été construite. Nous achetons notre eau potable auprès du syndicat intercommunal DEA. Comme les coûts y ont également augmenté ces dernières années, nous avons dû adapter le prix de l'eau cette année afin de respecter la législation nationale qui impose un prix couvrant les coûts. Depuis 2016, aucun ajustement du prix de l'eau n'avait été effectué.

À partir de janvier 2026, les nouveaux tarifs pour l'eau potable et les eaux usées sont entrés en vigueur. Vous trouverez ci-dessous un aperçu des changements :

Domaine / Secteur	Eau potable		Eau usée	
	Taxe variable €/m <sup>3</sup> hTVA	Taxe fixe €/mm/an hTVA	Taxe variable €/m <sup>3</sup>	Taxe fixe €/Ehm/an
<b>Ménages</b>	<b>2,45 -&gt; 4,70</b>	<b>10,80 -&gt; 12,00</b>	<b>3,00 -&gt; 4,00</b>	<b>41,00 -&gt; 50,00</b>
<b>Industrie</b>	<b>1,00 -&gt; 1,75</b>	<b>26 -&gt; 42,00</b>	<b>1,10 -&gt; 1,40</b>	<b>145,00 -&gt; 245,00</b>
<b>Agriculture</b>	<b>1,25 -&gt; 2,05</b>	<b>23,50 -&gt; 39,00</b>	<b>1,50 -&gt; 1,65</b>	<b>125,00 -&gt; 230,00</b>
<b>HORECA</b>	<b>1,53 -&gt; 2,90</b>	<b>27,00 -&gt; 31,00</b>	<b>1,875 -&gt; 2,35</b>	<b>102,6 -&gt; 175,00</b>

\* mm = diamètre du raccordement d'eau ; eau potable +3% TVA ; Ehm = équivalent habitant moyen ;

- **Augmentation taxe chiens**

Ces dernières années, les coûts liés à l'entretien et au nettoyage des espaces publics et des zones vertes, notamment en raison des déjections canines, ont augmenté. À cela s'ajoutent les frais liés à l'achat et à l'approvisionnement des distributeurs et des sachets destinés à l'élimination des déjections canines, mis à disposition des habitants sur le territoire communal. Lors de la séance du Conseil communal du 8 septembre 2025, il a été décidé d'ajuster la taxe annuelle sur les chiens de **15 € à 40 €** à partir de 2026. Cette adaptation vise à assurer le maintien de la propreté des espaces publics et des infrastructures nécessaires.

Le collège des bourgmestre et échevins